



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

D'europäesch Verdeedegungsolitik an der NATO an der EU ass vun enger grousser Komplexitéit, wéi de rezente Besuch vun der Madamm Kramp-Karrenbauer, däitsche Verdeedegungsminister, zu Lëtzebuerg, nach eemol ënnerstrach huet. Dobäi entwéckele sech besonnesch duerch de PESCO-Programm vun der EU och Initiativen, besonnesch am Satellitteberäich, déi e wirtschaftlechen Impakt kënnen hunn a sécher Industrie- a Fuerschungssektoren uschwätzen, un deene Lëtzebuerg besonnesch intresséiert ass. Aus dem Besuch vum däitsche Verdeedegungsminister hei am Land ergi sech awer eng Rëtsch Froen:

1. Am GMSCE/GEOMETOC-Projet, an deem Lëtzebuerg an Däitschland zesummeschaffen, geet et méi ëm Meteorologie an Ozeanographie wéi ëm réng Verdeedegung. Gesäit den Här Minister heiran e Projet, deen éischer kommerziell a wëssenschaftlech oder esouguer ëmweltpolitesch sënnvoll ass oder awer e Projet mat engem haaptsächlech militäreschem Potential?
2. Ass et méiglech, den Opwand fir militäresch Projeten am PESCO-Programm als Bäitrag zum NATO-Budget unerkennen ze loossen, wou Lëtzebuerg sech jo verpflichtet huet, seng Ausgaben däitlech eropzeschrauwen? Oder schloen d'PESCO-Ausgaben zousätzlech zu Buch?

3. Ass dru geduecht, lëtzebuergesch militäresch Satellitcapacitésen spezifesch am Beräich vun der Meteorologie oder der Ozeanographie ze gebrauchen oder nach opzebauen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten